G.-D. LUXEMBOURG/LUX.

INTERVIEW......................

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR
Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an ëierlech d'Interviewgespréich eremgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, dei mir virdrun nët perseinlech bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gespréich ausgefëllt gin.

DAUER/GESPREICH ............. DATUM ............. NUMM + ENNERSCHREFT ENQUETEUR .........................

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Wat as är Nationalitéit. Sot mir dat oder déi Länner déi betraff sin.<br><br>PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES | 1 - Belge<br>2 - Dänemark<br>3 - Däitschland<br>4 - Griechenland<br>5 - Spuenien<br>6 - Frankreich<br>7 - Irland<br>8 - Italien<br>9 - Lëtzebuerg<br>10 - Holland<br>11 - Portugal<br>12 - England<br>13 - Eistreich<br>14 - Schweden<br>15 - Finland<br>16 - Aner -> STOP<br>17 - NSP -> STOP |
| 2. | Wann Dir ënner Frënn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo oder nie fir, iwert d'Politik ze schwätzen? | 1 - Dacks<br>2 - Heiansdo<br>3 - Nie<br>4 - ? NSP |
| 3. | Wann et sech em eng Meenung handelt déi Iech um Härz léit, kënnt et do fir dass Dir Är Frënn, Är Famill oder Är Aarbechtskollegen dervun iwerzeegt Är Meenung unzehuelen? Geschitt dat ...<br>LIRE | 1 .. dacks<br>2 .. heiansdo<br>3 .. selen<br>4 .. nie<br>5 .. ? NSP |
| 4. | Dass Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft as, fannt Dir dat am Allgemengen ...<br>LIRE | 1 .. eng gutt Saach<br>2 .. eng schlecht Saach<br>3 .. weder gutt nach schlecht<br>4 .. ? NSP |
| 5. | Alles an allem, géift Dir soen dass Lëtzebuerg dervun profitéiert huet oder nët, dass et an der Europäescher Unioun as? | 1 - Huet profitéiert<br>2 - Huet nët profitéiert<br>3 - ? NSP |
| 6. | Alles an allem, mengt Dir dass a 5 Joer, Lëtzebuerg dervun profitéieren wärt, Member vun der Europäescher Unioun ze sin oder nët? | 1 - wärt dovun profitéieren<br>2 - wärt nët dovun profitéieren<br>3 - ? NSP |
| 7. | Eng gemeinsam Währung gët an den Memberlänner vun der europäescher Unioun bis Januar 1999 ageféiert. Mengt Dir, oder nët, daß eng gemeinsam europäesch Währung néideg as, fir daß déi europäesch Integratioun sech weider entwëckele kann? | 1 - Néideg<br>2 - Nët néideg<br>3 - NSP |

8. Et gët sech gefrot, fir eventuell um Nivo vun der europäescher Unioun an aner wichtegen politeschen Beräicher, déi momentan nach ënner nationaler Verantwortung stin, ze handelen. Ech zielen Iech elo e puer vun deenen Beräicher op. Kënnt Dir mir fir all Beräich soen, ob Dir fannt, daß gemeinsam Aktiounen ganz wichteg, zimlech wichtieg, nët ganz wichteg oder guer nët wichteg sin? LIRE

| | Ganz wichteg | Zimlech wichteg | Nët ganz wichteg | Guer nët wichteg | NSP |
|---|---|---|---|---|---|
| 1. De Kampf géint den Drogenhandel an aner schlëmm Formen vun organiséierten Verbriechen | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| 2. De Beräich vun politeschem Asyl an de Kampf géint déi illegal Immigratioun | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| 3. D'Aussepolitik oder d'Verdeedegungspolitik | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |

| | | |
|---|---|---|
| 9. | Ärer Meenung no, wéieng vun den politeschen Perséinlechkeeten engagéiert sech am meeschten fir déi europäesch Integratioun?<br>NE RIEN SUGGERER - NE PAS MONTRER CARTE - NE PAS LIRE - UNE SEULE REPONSE | 1 - J. Santer<br>2 - J. Delors<br>3 - J. Poos<br>4 - J.-Cl. Juncker<br>5 - H. Kohl<br>6 - F. Mitterand<br>7 - J. Chirac<br>41 - Aner NOTER:.......................<br>42 - Keen<br>43 - NSP |

| | | |
|---|---|---|
| 10. | Wat fir eng 2 Sproochen sin Ärer Meenung no am nëtzlechsten ze kennen ausser Ärer Mammensprooch?<br>NE PAS SUGGERER - NE PAS LIRE - 2 REPONSES MAXIMUM | 1 - Dänesch<br>2 - Däitsch<br>3 - Franséich<br>4 - Italienesch<br>5 - Hollännesch<br>6 - Englesch<br>7 - Spuenesch<br>8 - Portugiesech<br>9 - Griechesch<br>10 - Schwedesch<br>11 - Finnesch<br>12 - Russesch<br>13 - Arabesch<br>14 - Chinesesch<br>15 - Japanesch<br>16 - Aner<br>17 - NSP |

11. Ech géif Iech elo gär eng Fro stellen iwert d'Vertrauen, dat Dir an verschidden Völker hut. Sot mir fir all Vollek, ob Dir ëm éischter vertraut oder éischer nët vertraut.
INT.: MONTRER CARTE - ENUMERER CHAQUE PEUPLE, Y COMPRIS LE VOTRE

| | Eischter Vertrauen | Eischter keen Vertrauen | NSP |
|---|---|---|---|
| 1. D'Belge | 1 | 2 | 3 |
| 2. D'Dänen | 1 | 2 | 3 |
| 3. Déi Däitsch | 1 | 2 | 3 |
| 4. D'Griechen | 1 | 2 | 3 |
| 5. D'Spuenier | 1 | 2 | 3 |
| 6. D'Fransousen | 1 | 2 | 3 |
| 7. D'Irlänner | 1 | 2 | 3 |
| 8. D'Italiener | 1 | 2 | 3 |
| 9. D'Lëtzebuerger | 1 | 2 | 3 |
| 10. D'Hollänner | 1 | 2 | 3 |
| 11. D'Eisträicher | 1 | 2 | 3 |
| 12. D'Portugiesen | 1 | 2 | 3 |
| 13. D'Finnen | 1 | 2 | 3 |
| 14. D'Schweden | 1 | 2 | 3 |
| 15. D'Englänner | 1 | 2 | 3 |
| 16. D'Amerikaner | 1 | 2 | 3 |
| 17. D'Russen | 1 | 2 | 3 |
| 18. D'Polen | 1 | 2 | 3 |
| 19. D'Ungaren | 1 | 2 | 3 |
| 20. D'Tcheschen | 1 | 2 | 3 |

| | | |
|---|---|---|
| 12. | Ärer Meenung no, wéi wichteg wärt eng enk Zesummenarbecht vun Däitschland a Frankräich an der Zukunft sin, fir daß Europa weider zesumme wisst?<br>MONTRER CARTE - LIRE | 1 - Méi wichteg wéi an der Vergangenheet<br>2 - Sou wichteg wéi an der Vergangenheet<br>3 - Manner wichteg wéi an der Vergangenheet<br>4 - NSP |
| 13. | A wéiengem Mooß interesséiert Dir Iech fir Informatiounen iwer Däitschland? Géift Dir soen, daß Dir....?<br>LIRE | 1 - Ganz interesséiert sid -> Q14.<br>2 - Zimlech interesséiert sid -> Q14.<br>3 - Eischter nët interesséiert sid ->Q15<br>4 - Guer nët interesséiert sid -> Q15.<br>5 - NSP -> Q15. |

14. SI TRES OU ASSEZ INTERESSE - CODE 1 OU 2 EN Q13.
Fir Informatiounen iwer Däitschland ze kréien, an wéiengem Mooß benotzt Dir déi folgend Medien: regelméißeg, heiansdo, selten oder nie?
MONTRER CARTE - LIRE

| | Regelméißeg | Heiansdo | Selten | Nie |
|---|---|---|---|---|
| 1. Déi lëtzebuergesch Televisioun | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 2. Déi däitsch Televisioun | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 3. De lëtzebuergesche Radio | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 4. Den däitsche Radio | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 5. Déi lëtzebuergesch Dageszeitungen oder Revuen | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 6. Déi däitsch Dageszeitungen oder Revuen | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 7. D'Schoulbildung oder Informatiouns-Séancen oder Seminären | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 8. Perséinlech Kontakter (Famill, Frënn, Kollegen) | 1 | 2 | 3 | 4 |

A TOUS

| | | |
|---|---|---|
| 15. | Elo eng Fro iwert den Kanzler Helmut Kohl. Et gët gesot daß, nodeems hien déi däitsch Wiedervereinigung gefouert huet, hien deen bescht plazéierten Mann as, fir déi europäesch Unifikatioun weiderzebrengen.<br>Kënnt Dir mir soen an wéiengem Mooß Dir mat dëser Ausso averstanen oder nët averstanen sid? LIRE | 1 - Ganz averstanen<br>2 - Eischter averstanen<br>3 - Eischter nët averstanen<br>4 - Guer nët averstanen<br>5 - NSP |

Komme mer elo bei en anert Thema.

16. Déi eng Leit fannen daß d'Kalitéit vun de Liewensmëttel, déi hei zu Lëtzebuerg verkaaft gin, sech verbessert, iwerdeems anerer mengen, daß se ofhëllt. Kéint Dir mir w.e.g. soen, fir jidfereent vun dësen Produkter déi zu Lëtzebuerg verkaaft gin, déi ech Iech zitéieren, ob Dir mengt daß d'Kalitéit dovun éischter d'Tendenz huet sech ze verbesseren oder daß se éischter d'Tendenz huet ofzehuelen?
MONTRER CARTE - LIRE

| | Tendenz sech ze verbesseren | Tendenz Kalitéit hëllt of | Verbessert sech nët, hëllt nët of SPONTAN | NSP |
|---|---|---|---|---|
| 1. frëscht Geméis | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 2. frëscht Uebst | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 3. frëscht Fleesch | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 4. frësche Fësch | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 5. frësch Mëllech | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 6. de Kéis | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 7. d'Eer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 8. d'Brout an d'Produkter aus der Bäckerei | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 9. d'Konserven | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 10. déifgefruere Produkter | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 11. färdeg preparéiert Plat'en | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 12. aner firverpackte Produkter | 1 | 2 | 3 | 4 |

17. a) Sid Dir der Meenung, daß d'Informatioun déi vun jiderengem vun folgenden Informatiounsquellen geliwert gët, iwer d'Kalitéit vun de Liewensmëttel, normalerweis éischter am Interesse vum Konsument, éischter am Interesse vun der Industrie oder neutral as? MONTRER CARTE + LISTE DES SOURCES
b) Kéint Dir mir soen wat fir eng Informatiounsquellen Ärer Meenung no, d'Wourecht soen iwer d'Kalitéit vun dëse Produkter? MONTRER CARTE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

| LIRE | a) | | | | b) |
|---|---|---|---|---|---|
| | Konsument | Industrie | Neutral | NSP | Soen d'Wourecht |
| 1. d'Enseignant'en (Proffen) an der Schoul oder op der Uni | 1 | 2 | 3 | 4 | 1 |
| 2. d'Wëssenschaftler | 1 | 2 | 3 | 4 | 2 |
| 3. d'öffentlech Autoritéiten | 1 | 2 | 3 | 4 | 3 |
| 4. d'Regierunsstellen | 1 | 2 | 3 | 4 | 4 |
| 5. d'Europäesch Kommissioun | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| 6. d'Produzentenvereenegungen | 1 | 2 | 3 | 4 | 6 |
| 7. d'politesch Parteien | 1 | 2 | 3 | 4 | 7 |
| 8. d'Gewerkschaften | 1 | 2 | 3 | 4 | 8 |
| 9. d'Geschäfter / Supermarché'en | 1 | 2 | 3 | 4 | 9 |
| 10. Radio an Televisioun | 1 | 2 | 3 | 4 | 10 |
| 11. déi geschriwe Press | 1 | 2 | 3 | 4 | 11 |
| Keen SPONTAN | / | / | / | / | 12 |
| NSP | / | / | / | / | 13 |

18. Ech liesen Iech elo 4 Meenungen iwer d'Emwelt fir. Wat fir eng dovun as am nosten bei Ärer?
MONTRER CARTE - LIRE - UNE SEULE REPONSE

1 .. déi aktuell Nivo'en vu mënschlecher Aktivitéit féieren zu Katastrophen an brëngen all Liewensform op der Welt a Gefor
2 .. déi aktuell Nivo'en vu mënschlecher Aktivitéit mussen ganz stark modifizéiert gin wann een déi allgemeng Zerstéierung vun der Emwelt stoppen wëll
3 .. déi aktuell Nivo'en vu mënschlecher Aktivitéi stin nët an engem fundamentalen Konflikt mat der Emwelt
4 .. et gët guer keen Emweltproblem
5 -- ? NSP

19. Ech liesen Iech elo 3 Meenungen vir iwer d'Problemer vum Emweltschutz, déi heiansdo ausgedreckt gin. Mat wéienger vun denen 3 Meenungen sid Dir am meeschten averstanen?
MONTRER CARTE - LIRE - UNE SEULE REPONSE

1 - Et muß een der wirtschaftlecher Entwëcklung d'Prioritéit gin virun dem Emweltschutz
2 - Et muß een d'wirtschaftlech Entwëcklung secheren an awer och den Emweltschutz respektéieren
3 - Et muß een dem Emweltschutz d'Prioritéit gin virun der wirtschaftlecher Entwecklung
4 - ? NSP

20. U wat denkt Dir wann vun grousser Emweltverschmotzung Rieds geet? Sicht an dëser Lëscht déi 4 Saachen déi Iech direkt afalen.
MONTRER CARTE - LIRE - 4 REPONSES POSSIBLES

1 - Den Dreck deen op der Stroos lëit, am Grëngen, op der Plage
2 - Déi Fabriken déi geféierlech chemesch Produkter an d'Loft oder an d'Waasser kéieren
3 - D'Autoen déi d'Loft verschmotzen
4 - D'Wasser aus dem Egoût
5 - De Kaméidi deen entsteet duerch Stroossenaarbechten, Autoskaméidi vun der Stroos, Flughafen, etc.
6 - Iwerdriwenen Gebrauch an der Landwirtschaft vun Dünger, Pestiziden an Insektiziden
7 - De Mazut deen d'Mir an d'Küsten verschmotzt
8 - D'Industrieoffäll
9 - De saure Reen
10 - D'Pollutioun op planetärem Nivo ewéi d'progressivt Verschwannen vum Tropebesch, d'Zerstéierung vun der Ozonschicht, den Zäreneffekt
11 - De Stockage vun Atomoffäll
12 - Den onkontrolléierte Massentourismus op verschidde Plazen (Küsten, Bierger)
13 - NSP

21. Hei sin verschidden Art a Weisen wéi een sech an Europa ëm d'Emweltproblemer kéint këmmeren. Géif Dir déi folgend Virschléi ënnerstëtzen oder nët? MONTRER CARTE - LIRE

| | Jo | Nee | ? NSP |
|---|---|---|---|
| 1. e gréissert Finanzement assuréieren vun der wëssenschaftlecher Fuerschung an den technologëschen Entwëcklungen déi mat der Emwelt ze din hun | 1 | 2 | 3 |
| 2. drop uechten daß d'Schoulen de Beräich Emwelt ophuelen als e wichtegen Deel vun der Kannererzéihung | 1 | 2 | 3 |
| 3. méi Geld ausgin fir d'Formatioun vun de Leit wat déi wichteg Emweltproblemer ugeet | 1 | 2 | 3 |
| 4. méi eng streng Gesetzgebung aféieren fir d'Betrieber ze kontrolléieren déi d'Emwelt verschmotzen | 1 | 2 | 3 |
| 5. méi Mëttelen asetzen fir déi aktuell Gesetzer unzewenden | 1 | 2 | 3 |
| 6. déi professionnel ausbilden fir daß se selwer kënnen Mosnahmen ergréifen fir d'Emwelt ze schützen | 1 | 2 | 3 |
| 7. sech vergewësseren daß d'Emweltproblemer erkannt gin an daß déi entspriechend Mosnahmen geholl gin | 1 | 2 | 3 |
| 8. ganz héich Spezialtaxen uwenden op de Produkter an Procédéen déi der Emwelt schueden, fir hire Gebrauch ze découragéieren | 1 | 2 | 3 |
| 9. d'Taxen erhéigen op de Verpackungen déi d'Emwelt belaschten an d'Taxen erofsetzen op de Verpackungen déi d'Emwelt respektéieren | 1 | 2 | 3 |
| 10. d'Taxen erofsetzen op de Produkter an Fabrikatiounsprocédé'en déi d'Emwelt respektéieren | 1 | 2 | 3 |
| 11. d'Aktivitéiten an Fabrikatiounsprocédé'en déi schiedlech fir d'Emwelt sin verbidden | 1 | 2 | 3 |
| 12. Den nët-EU Memberlänner déi d'Emwelt schwéier belaschten e Wirtschaftsembargo imposéieren | 1 | 2 | 3 |

22. a) A wat fir enger vun deene folgenden Beräicher, wann ët der gin, mengt Dir daß d'Europäesch Unioun méiglecherweis Gesetzer gemaach huet oder Mosnahmen agefouert huet, fir d'Konsumenten ze schützen?
MONTRER CARTE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES - LIRE
b) A wat fir enger vun folgenden Beräicher, wann ët der gët, mengt Dir mißt d'EU eng Gesetzgebung ophuelen oder Mosnahmen aféieren fir d'Konsumenten ze schützen?
MONTRER CARTE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES - LIRE

| | a) huet agefouert | b) mißt aféieren |
|---|---|---|
| 1 - Falsch an ongerecht Termen an de Kontrakter verbidden (iwerdriwe Konditiounen).... | 1 | 1 |
| 2 - Reegelen iwer d'Sëcherheet vun de Spillsaachen opstellen an hir Uwendung kontrolléieren........ | 2 | 2 |
| 3 - d'Konditioune standardiséieren vun den Pauschalangeboter fir Vakanzreesen......... | 3 | 3 |
| 4 - "Publicité mensongère" verhënneren........ | 4 | 4 |
| 5 - gemeinsam Reegelen unhuelen am Beräich vun de "Multipropriété", dem gedeelte Besëtz........ | 5 | 5 |
| 6 - gemeinsam Reegelen opstellen fir daß d'Lieferanten vun Servicer (Dengschtleeschtungen) responsabel fir d'Konsequenzen vun hiren Akte sin........ | 6 | 6 |
| 7 - gemeinsam Reegelen opstellen am Beräich vun der Publicitéit........ | 7 | 7 |
| 8 - strikt Reegelen définéieren wat d'Etiketten op de Produkter betrëfft........ | 8 | 8 |
| 9 - Reegelen opstellen am Beräich vun Akeef op Distanz ewéi Akeef via Korrespondenz, Télé-achat oder Internet asw........ | 9 | 9 |
| 10 - Méi gënschteg Konditiounen schafen fir de Konsument am Beräich fun de Finanzen (Banken, Assurancen,..)........ | 10 | 10 |
| 11 - All europäesche Birger en einfachen Zougang verschafen zou den juristeschen Instanzen an deenen aneren Memberlänner, am Fall vun Problemer déi mat der Konsommatioun ze din hun........ | 11 | 11 |
| 12 - Reegelen opstellen fir dass iwerall an Europa, d'Präisser kloer dropstin vis-à-vis vun der Moseenheet (Kg, Liter...)........ | 12 | 12 |
| 13 - guer näischt dovun........ | 13 | 13 |
| 14 - NSP........ | 14 | 14 |

23. D'EU huet Aktiounen ënnerholl fir de Nivo fum Konsumenteschutz ze verbesseren. Fannt Dir am Allgemengen daß dës Aktiounen de Nivo fum Konsumenteschutz éischter verbessert hun, éischter verschlechtert hun, oder guer keen Afloss dorop gehat hun?

1 - Hun éischter de Nivo fum Konsumenteschutz verbessert
2 - Hun éischter de Nivo fum Konsumenteschutz verschlechtert
3 - Hun guer keen Afloss op de Nivo fum Konsumenteschutz gehat
4 - NSP

24. Wat sin Ärer Meenung no déi Haaptproblemer déi d'Konsumenten hun wann se onzefridden sin?
MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS RÉPONSES POSSIBLES

1 - Se fillen sech ohnmächteg géigeniwer de Liferanten an de Fabrikanten
2 - Den Zougang zur Justiz as ze schwiereg fir sie
3 - De Käschtepunkt vun enger Geriichtsaffär as ze héich fir sie
4 - D'Suiten vun de Kloen sin onzefriddenstellend
5 - Sie kënne hier Rechter nët gutt
6 - Et feelt hinnen un Informatiounen iwer d'Karakteristiken fun de Produkter
7 - Et feelt hinnen un Zäit fir hier Rechter respektéieren ze loossen
8 - Se sin nët gutt genuch informéiert iwer d'Hëllefsservicer fir Konsumenten
9 - Et ass oft schwéier fir Produkter a Servicer ze vergläichen
10 - NSP

25. Fannt Dir daß d'Schoul d'Kanner ganz gutt, éischter gutt, éischter schlecht, oder ganz schlecht op d'Liewen virbereed?

1 - ganz gutt
2 - éischter gutt
3 - éischter schlecht
4 - ganz schlecht
5 - NSP

26. Wann d'Schoul déi Jonk gëif drop virbereeden opgeklärte Konsumenten ze gin, gëift Dir soen daß dat dann sëcher, wahrscheinlech, wahrscheinlech nët oder sëcher nët d'Liewenskalitéit vun den zukünftegen Generatiounen kéint verbesseren?

1 - sëcher
2 - wahrscheinlech
3 - wahrscheinlech nët
4 - secher nët
5 - NSP

27. a) Mengt Dir daß déi lokal Autoritéiten zu Lëtzebuerg sëcher, wahrscheinlech, wahrscheinlech nët oder sëcher nët eng Roll kéinte spillen an der Erzéihung vun de Konsumenten? MONTRER CARTE - LIRE
b) An déi national Autoritéiten? MONTRER MEME CARTE - LIRE
c) An d'Europäesch Unioun? MONTRER MEME CARTE - LIRE

| | JO, SECHER | JO, WAHRSCHEINLECH | NEE, WAHRSCHEINLECH NET | NEE, SECHER NET | NSP |
|---|---|---|---|---|---|
| a) Déi lokal Autoritéiten...................... | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| b) Déi national Autoritéiten.................. | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |
| c) D'Europäesch Unioun........................ | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 |

28. SI "OUI, CERTAINEMENT" OU "OUI, PROBABLEMENT" A LA QUESTION Q27.c, CODES 1 OU 2 A L'ITEM c
Wéi kënnt d'EU Ärer Meenung no dës Roll spillen?
MONTRER CARTE - LIRE - DEUX REPONSES MAXIMUM

1 - Andeems se erklärt firwat d'Konsumentenerzéihung noutwendeg ass
2 - Andeems se gutt Beispiller gët fun Formatioun aus anere Länner daß een sech dovun inspiréieren kéint bei eis
3 - Duerch d'Publikatioun fun Informatiounen iwer d'Rechter fum Konsument an der EU
4 - Duerch d'Organisatioun fun Austausch u Personal an Informatioun
5 - NSP

29. D'EU huet Aktiounen ënnerholl fir d'Sëcherheet fun de Produkter an de Servicer fir d'Konsumenten ze verbesseren. Fannt Dir daß am Allgemengen dës Aktiounen d'Sëcherheet fir d'Konsumenten éischter verbessert hun, éischter verschlechtert hun, oder guer keen Afloss gehat hun op d'Sëcherheet fir d'Konsumenten?

1 - Hun d'Sëcherheet fir d'Konsumenten éischter verbessert
2 - Hun d'Sëcherheet fir d'Konsumenten éischter verschlechtert
3 - Hun guer keen Afloss gehat op d'Sëcherheet fir d'Konsumenten
4 - NSP

30. a) Vun deenen folgenden Beräicher, fu wat fir engen dovun sid Dir besonnesch betraff wat d'Sëcherheet vun de Konsumenten vun de Produkter a Servicer ugeet?
MONTRER CARTE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES
b) A fir jidfereen fun de folgenden Produkter a Servicer mengt Dir do daß déi, déi zu Lëtzebuerg ugebuede gin am allgemengen sëcher sin oder nët?

| LIRE | a) betraff | b) Sëcherheet Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|---|
| 1 - Medikamenter | 1 | 1 | 2 | 3 |
| 2 - Kosmetik-Produkter | 2 | 1 | 2 | 3 |
| 3 - d'Spillsachen | 3 | 1 | 2 | 3 |
| 4 - d'Liewensmëttel | 4 | 1 | 2 | 3 |
| 5 - d'elektresch Apparater | 5 | 1 | 2 | 3 |
| 6 - d'Autoen | 6 | 1 | 2 | 3 |
| 7 - Öffentlech Plazen (Geschäft, Theater, Kino) | 7 | 1 | 2 | 3 |
| 8 - Hotel | 8 | 1 | 2 | 3 |
| 9 - Sportsmanifestatiounen | 9 | 1 | 2 | 3 |
| 10 - Botzmëttel | 10 | 1 | 2 | 3 |
| 11 - den öffentlechen Transport | 11 | 1 | 2 | 3 |
| 12 - d'Fligeren | 12 | 1 | 2 | 3 |
| 13 - Restaurant | 13 | 1 | 2 | 3 |
| 14 - Keen | 14 | / | / | / |
| 15 - NSP | 15 | / | / | / |

31. Get Ärer Meenung no genuch op d'Secherheet vun de Produkter a Servicer fir d'Konsumenten opmierksam gemach...

| VIRLIESEN | genuch | nët genuch | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 - ... an der Press | 1 | 2 | 3 |
| 2 - ... op dem Radio/Televisioun | 1 | 2 | 3 |
| 3 - ... an der Publicitéit | 1 | 2 | 3 |
| 4 - ... op de Vakanz- a Fräizäitplazen | 1 | 2 | 3 |
| 5 - ... an de Schoulen | 1 | 2 | 3 |

32. Wann Dir an en anert Land vun der EU reest, erward Dir dann, jo oder nee,..

| | Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|
| 1 - korrekt informéiert ze gin vun der EU iwert déi Haaptsecherheetsmosnamen fir Produkter a Servicer fir d'Konsumenten | 1 | 2 | 3 |
| 2 - déi selwecht Secherheetscoden an Indikatiounen eremzefannen | 1 | 2 | 3 |
| 3 - de selwechte Secherheetsnivo an all de Länner hun | 1 | 2 | 3 |
| 4 - ganz verständlech Coden/Secherheetsindikatiounen hun | 1 | 2 | 3 |

33. Sot mir fir jidfereen vun de folgenden Servicer hei zu Lëtzebuerg, ob Dir fannt, daß en eng gutt Kalitéit huet, eng schlecht Kalitéit huet oder weder eng gutt nach eng schlecht?
MONTRER CARTE - LIRE

| | Gutt Kalitéit | Weder gutt nach schlecht Kalitéit | Schlecht Kalitéit | NSP |
|---|---|---|---|---|
| 1. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 2. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 3. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 4. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 5. den Accès zu den Televisiounskanäl/programmer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 6. d'Autobunnsnetz | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 7. den Entretien vun de Strossen an den Trottoiren | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 8. d'Kollekt vun den Haushaltsoffäll | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 9. d'Gesondheetsservicer, wéi d'Spideeler, asw. | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 10. d'Ambulanzservicer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 11. d'Gerichter, d'Justiz | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 12. d'Postservicer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 13. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 14. den Lofttransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 15. den Iwerland-Bustransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 16. den öffentlechen Transport an de Stied | 1 | 2 | 3 | 4 |

34. An der europäescher Unioun ass d'Tendenz de Moment, fir dêi Servicer, dêi traditionnell Monopoler waren, wêi d'Wasserverdeelung, d'Erdgasverdeelung oder d'Elektrizitéitsverdeelung, d'Telefonsgesellschaften, asw., der Konkurrenz opzemachen. Sid Dir Iech dëser Tendenz bewoßt?

1 - Jo
2 - Nee
3 - NSP

35. Hei ass elo eng Lëscht vun öffentlechen Dengschter, dêi de Moment eng Entwécklung matmachen, ënner anerem, well dêi national an dêi kommunautair Autoritéiten décidéiert hun, se fir d'Konkurrenz opzemachen.

a) Kënnt Dir mir fir jidfereen dovun soen, ob Dir a läschter Zäit gemierkt hut, daß d'Präisser erofgangen sin? LIRE

| | Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 |
| 2. d'Postservicer | 1 | 2 | 3 |
| 3. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 4. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 5. d'Wasserverdeelungg | 1 | 2 | 3 |
| 6. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 |
| 7. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 |

35. b) Kënnt Dir mir fir jidereen dovun soen, ob Dir a läschter Zäit eng Verbesserung vun der Kalitéit vun den Servicer gemierkt hut oder nët? LIRE

| | Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 |
| 2. d'Postservicer | 1 | 2 | 3 |
| 3. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 4. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 5. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 6. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 |
| 7. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 |

35. c) Kënnt Dir mir fir jidereen dovun soen, ob Dir a läschter Zäit eng Erhéigung vun der Auswiel vun de Servicer an an der Zuel vun den Fournisseuren gemierkt hut? LIRE

| | Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 |
| 2. d'Postservicer | 1 | 2 | 3 |
| 3. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 4. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 5. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 6. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 |
| 7. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 |

35. d) Kënnt Dir mir fir jidereen dovun soen, ob Dir a läschter Zäit eng Verbesserung vum Schutz vun den Konsumenteninteressen gespuert hut oder nët? LIRE

| | Jo | Nee | NSP |
|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 |
| 2. d'Postservicer | 1 | 2 | 3 |
| 3. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 4. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 5. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 |
| 6. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 |
| 7. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 |

36. a) A fir d'Zukunft, mengt Dir daß d'Ouverture fir d'Konkurrenz fir d'Kalitéit fir jidereen vun den folgenden Servicer eng gutt oder eng schlecht Saach wärt sin?

MONTRER CARTE - LIRE

| | Gutt Saach | Schlecht Saach | Weder gutt nach schlecht Saach SPONTAN | NSP |
|---|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 2. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 3. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 4. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 5. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 6. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 7. d'Kollekt vun den Haushaltsoffäll | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 8. d'Medien | 1 | 2 | 3 | 4 |

b) A waat de Präis fir jidereen vun den folgenden Servicer ugeet?

MONTRER MEME CARTE - LIRE

| | Gutt Saach | Schlecht Saach | Weder gutt nach schlecht Saach SPONTAN | NSP |
|---|---|---|---|---|
| 1. d'Telefonsservicer | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 2. d'Elektrizitéitsverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 3. d'Erdgasverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 4. d'Wasserverdeelung | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 5. de Lofttransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 6. den Eisebunnstransport | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 7. d'Kollekt vun den Haushaltsoffäll | 1 | 2 | 3 | 4 |
| 8. d'Medien | 1 | 2 | 3 | 4 |

37. Ärer Meenung no, wat fir eng Effekter fun deenen elei sin déi, déi d'Ouvertür fir d'Konkurrenz kéint mat sech brengen? MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

1 - d'Schafen vun Aarbechtsplaazen an dëse Beräicher
2 - eng méi grouss Transparenz
3 - e Verloscht vun Aarbechtsplaazen an dësen Beräicher
4 - eng besser Kalitéit vun den Servicer
5 - daß d'Präisser erofgin
6 - dass déi nët rentabel Servicer opgin gin
7 - dass besser op den Konsumenten hier Besoin'en opgepasst gët
8 - aner SPONTAN
9 - NSP

38. Verschidde Leit fannen, daß jidfereen mißt vun verschiddenen Servicer profitéieren kënnen, och wann een nët d'Mëttelen huet, fir se ze bezuelen. Vun den folgenden Servicer, wéieng sin déi, déi Ärer Meenung no, fir jidereen mißten garantéiert sin?

MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

1 - d'Wasserverdeelung
2 - d'Erdgasverdeelung
3 - d'Elektrizitéitsverdeelung
4 - d'Telefonsservicer
5 - den Uschloss un d'kollektiv Antenn fir d'Televisioun
6 - d'Kollekt vun den Haushaltsoffäll
7 - de Lofttransport
8 - den Eisebunnstransport
9 - den Iwerlandtransport mam Bus
10 - den öffentlechen Transport an de Stied
11 - d'Systemer fir ze bezuelen, d.h. den Accès zu de Bankservicer
12 - keen
13 - NSP

39. a) Ärer Meenung no, hun d'Produit'en, déi hei zu Lëtzebuerg verkaaft gin, an déi aus den Länner vun Mëttel- an Osteuropa kommen, eng gutt Kalitéit, eng schlecht Kalitéit oder weder eng gutt nach eng schlecht Kalitéit? MONTRER CARTE - LIRE
b) An déi, déi aus den Entwëcklungslänner kommen? MONTRER CARTE - LIRE

| | Gutt Kalitéit | Weder gutt nach schlecht Kalitéit | Schlecht Kalitéit | NSP |
|---|---|---|---|---|
| a) Mëttel- an Osteuropa | 1 | 2 | 3 | 4 |
| b) Entwëcklungslänner | 1 | 2 | 3 | 4 |

40. Verschidde Produit'en déi an der europäescher Unioun fabrizéiert gin, kënnen nët an der europäescher Unioun verkaaft gin, well se nët genuch Kalitéit oder Sëcherheet opweisen. Fannt Dir, daß d'europäesch Unioun eppes misst machen oder nët, fir daß dës Produit'en och nët an Länner, déi nët zur europäescher Unioun gehéieren, verkaaft kënnen gin?

1 - Jo
2 - Nee
3 - NSP

41. Fannt Dir, daß d'Informatiounen iwert d'Präisser, déi d'Geschäftsleit an d'Fournisseuren vu Servicer de Moment ugin, Iech ët erméiglechen, d'Präisser ze vergläichen an d'Konkurrenz spillen ze loossen?

1 - Jo
2 - Nee
3 - NSP

42. An wéiengen vun den folgenden Beräicher, wann iwerhaapt, wéilt Dir iwert eng méi kloer an méi komplett Informatioun verfügen? MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

1 - Am Beräich vum Logement, d.h. den Hausbau, d'Reparaturen, d'Architektenberoodung, d'Locatioun vun Immobilien, asw.
2 - Am Beräich vun der Berodung, d.h. d'Affekoten, d'Notären, d'Comptabelen, asw.
3 - Am Beräich vun der Gesondheet, d.h. d'Spideeler, d'Dokteren, d'paramedizinesch Servicer, asw.
4 - Am Beräich vun den Finanzen, d.h. d'Bankenservicer, den Kredit, d'Assurancen asw.
5 - Am Beräich vum öffentlechen Notzen, d.h. dem Loft-, Eisebunns- a Strossentransport, d'Wasser- an d'Elektrizitéitsverdeelung, d'Post- an d'Telefonsservicer, asw.
6 - Am Beräich vum Privattransport, d.h. d'Taxi'en, d'Plënneren, asw.
7 - Am Beräich vum Entretien a vun den Reparaturen, d.h. vum Auto, vun der Heizung, den Haushaltsapparater, asw.
8 - Am Beräich vun der Fräizäit, d.h. d'Reesbüro'en, d'Spektakelen, d'Hôtellerie, d'Restauratioun, asw.
9 - NSP

43. Mierkt Dir heiansdo en groußen Ennerscheed zwëschent dem Präis, deen Iech vun den Geschäftsleit oder vun den Fournisseuren vun Servicer ugekënnegt gouf, an dem Präis, deen Dir wierklech bezuelen mußt? WA JO: A wéiengen Beräicher? MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

1 - Nee, keen groußen Ennerscheed
2 - Jo, am Beräich vum Logement, d.h. dem Hausbau, d'Reparaturen, d'Architektenberoodung, d'Locatioun vun Immobilien, asw.
3 - Jo, am Beräich vun der Berodung, d.h. d'Affekoten, d'Notären, d'Comptabelen, asw.
4 - Jo, am Beräich vun der Gesondheet, d.h. d'Spideeler, d'Dokteren, d'paramedizinesch Servicer, asw.
5 - Jo, am Beräich vun den Finanzen, d.h. d'Bankenservicer, den Kredit, d'Assurancen, asw.
6 - Jo, am Beräich vum öffentlechen Notzen, d.h. den Loft-, Eisebunns- an Stroosentransport, d'Wasser- an d'Elektrizitéitsversuergung, d'Post- an d'Telefonsservicer, asw.
7 - Jo, am Beräich vum Privattransport, d.h. d'Taxi'en, d'Plënneren, asw.
8 - Jo, am Beräich vum Entretien a vun der Reparaturen, d.h. vum Auto, vun der Heizung, den Haushaltsapparater, asw.
9 - Jo, am Beräich vun der Fräizäit, d.h. d'Reesbüro'en, d'Spektakelen, d'Hôtellerie, d'Restauratioun, asw.
10 - NSP

44. Hei zu Lëtzebuerg, gëift Dir Iech do gären un Dengschtleeschtungsfournisseuren wenden, déi ausserhalb vu Lëtzebuerg sin?
WA JO: Un wéieng?
MONTRER CARTE - LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES

1 - Nee, géif sech nët gären un Dengschtleeschtungsfournisseuren wenden déi ausserhalb vu Lëtzebuerg sin
2 - Jo, fir den Bau an fir Bauaarbechten
3 - Jo, fir d'Locatioun vun Immobilien
4 - Jo, fir Affekotenservicer
